



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 02 MARS 2020



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°1755 du 22 janvier 2020 des honorables députés Messieurs Jeff Engelen et Fernand Kartheiser, concernant la gratuité des transports publics, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch , Minister fir Mobilitéit an ëffentlechen Aarbechten a
Minister fir bannenzeg Sécherheet a vum Här Pierre Gramegna, Finanzminister,
op d'parlamentaresch Fro n°1755 vum 22 Januar 2020 vum den honorabele Deputéierte Jeff Engelen
an Fernand Kartheiser zum Sujet " Gratuité des transports publics"**

Question 1:

D'Servicer, an Zesummenaarbecht mat de Responsable vun all den Opérateuren am ëffentlechen Transport, souwéi der Police an der Douane, iwwerschaffen di bestehend Reglementer am Kontext vun der Sécherheet am ëffentlechen Transport. E Projet fir den « *Règlement grand-ducal du 3 septembre 1980 ayant pour objet de régler la police et d'assurer la sécurité des services de transports réguliers de personnes par route* », souwéi den « *Règlement grand-ducal du 3 septembre 1980 ayant pour objet de régler la police et d'assurer la sécurité des services de transport automobile de personnes relevant de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois* », ofzeschaafen an duerch e neie Règlement grand-ducal ze ersetzen, ass quasi ofgeschloss. Do wäerten dann Bestëmmungen drastoen, wéi ee Benotzer vum ëffentlechen Transport sech soll behuelen, respektiv wat wien net dierf maachen.

Donieft gëllt et nach fir och e Katalog mat de Montanten vun de Strofen opzestellen, an zu gudder Läscht ginn nach verschidde Pisten ënnersicht, wien genee déi Strofen applizéiert an op wéi eng Manéier.

Question 2:

D'Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwer Uerdnung a Sécherheet gëtt de vereedegten Agenten haut schons d'Méiglechkeet e Client, deen sech net un d'Uerderen vum Agent hält, aus dem Transportmëttel ze verweisen.

D'Effikassitéit vun de Policekontrolle gëtt haaptsächlech verbessert opgrond vun der Informatiungsgewënnung duerch d'Acteuren um Terrain am ëffentlechen Transport. Dës Hiweiser erméiglechen et der Police hier Patrullen a Kontrollen op deene Garen a Bus-, Tram- an Züchlinnen vum ëffentlechen Transport do an zu deem Zäitpunkt duerchzeféieren, wou och de gréissten Besoin besteet.

Et besteet eng Zesummenaarbecht tëscht Police an Douane am Beräich vu gréissere Kontrollen am ëffentlechen Transport. Zum Deel ginn dës Kontrollen gemeinsam duerchgefouert. Bei dese Kontrollen deckt am Prinzip all Verwaltung hire spezielle Kompetenzberäich of. Am Kader vun der Coopération policière internationale gesinn den Traité Benelux en matière d'intervention policière an den Traité de Prüm d'Méiglechkeet fir, dass d'Police mat den auslänneschen Homologen gemeinsam Kontrollen am ëffentlechen Transport kann organiséieren.

Am Kontext vun deene verschiddeenen Elementer vun deser Fro kann ee soen, dat d'Douane weiderhi Kontrollen a Busse an Zich, respektiv Arrêten a Garë wäert maachen, an deene Matière wou d'Gesetzgebung hir Kompetenze gëtt, z.B.: Boergeldkontrollen oder Drogekontrollen, och nodeems den ëffentlechen Transport bis gratis wäert sinn.

An deem Kontext ass ze ënnersträichen, dat d'Douane, zesumme mat all den anere betreffenen Acteuren, an engem Aarbechtsgrupp matschafft ënnert der Direktioun vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, mam Ziel eng nei Reglementatioun auszeschaffe betreffend den Uerder an d'Sécherheet an den ëffentlechen Transportmëttel. Opgrond vun Accorde mat eisen Nopeschlänner, kéint d'Douane och schonn am Ausland um noosten Arrêt un der Grenz oder op enger definierter Streck eraklammen a Kontrollen, eventuell och mat auslänneschen Homologuen, maachen. Um nationalen Terrain, wäerten d'Kontrollen a Collaboratioun mat der Police a wat den Zuchverkéier ugeet, mat Agente vun der CFL, ausgeübt ginn.

Question 3:

D'Kontroll vun der Pénktlechkeet, vum Zoustand vun den Infrastrukturen op den Arrêten, souwéi d'Pertinenz vum Affichage op den Arrêten, ass net Bestanddeel vun den aktuellen wéi och zukënftegen Missiounen vum CFL-Kontrollpersonal.

D'Pénktlechkeet vun de Busse gëtt an de jeweilige Leetstelle kontrolléiert. Hir-Prozedure gesi vir, bei zevill Retard och zousätzlech Bussen op eng Linn ze schécken falls et néideg ass.

D'Qualitéitscritèren vun den RGTR-Kontrakter gesinn och Kontrollen vum Zoustand vum Bus vir, genee wéi Präsentatioun a Verhale vu Chaufferen. Dës ginn zum Deel vu Personal vun der CFL gemaach, an zum Deel vun engem Sondage-Institut.

D'Infrastrukturen vun den Haltestellen leien an der Kompetenz vun de Gemengen. Dozou ginn et Recommandatiounen, déi och um Sitt vum Verkéiersverbond ze fanne sinn. Den Affichage vun de Busfuerpläng gi vum Verkéiersverbond un d'Gemenge geliwwert; dëst geschitt eletronesch falls eng Fahrgastinformationsanzeig installéiert ass, ansonsten op Pabeier.

Question 4:

An noer Zukunft ass keng Präsenz méi vun CFL-Kontrolleren an den RGTR-Buslinnen virgesinn.

Question 5:

An Zukunft wäert a folgenden Garen eng Präsenz vun CFL-Personal assuréiert sinn, fir ënner anerem d'Clienten z'informéieren an ze guidéieren:

- Lëtzebuerg-Zuchgare: 3 Posten, woubäi 1 Posten Nuets, Moies an Owes besat ass, an déi aner 2 Posten vu Moies bis Owes besat sinn;
- Ettelbréck: 2 Posten, woubäi 1 Posten vun Moies bis Owes besat ass, an 1 Posten während enger Dagesschicht;
- Beetebuerg an Esch/Uelzecht: 1 Posten, dee Nuets, Moies an Owes besat ass;
- Belval-Universitét, Klierf, Lëtzebuerg-Busgare, Miersch, Péiteng, Rodange a Waasserbëlleg: 1 Posten, dee vu Moies bis Owes besat ass.

Wéi schonn an der Vergaangenheet, wäert och an Zukunft all Zuch weiderhin duerch CFL-Bordpersonal begleet ginn.

Question 6:

Wei ënnert dem Punkt 4 vermierkt, wäerten an Zukunft keng CFL-Mataarbëchter méi an den RGTR-Busser matfueren.

An den Zich gëtt awer weiderhin CFL-Personal agesat. Hier Haaptmissiounen bestinn doranner fir d'Clienten virum Depart vum Zuch um Quai z'emfänken, fir Informatiounsannoncen am Zuch ze maachen, fir Ried an Äntwert ze stoen bei Froen vu Clienten, fir regelméisseg Passagen duerch 2. Klass-Kompartimenter ze maachen, fir d'Vente an d'Kontroll vun den 1. Klass-Billjeeën duerchzeféieren, fir Comptagen an Sondagen bei de Client ze maachen, a fir all Dysfonctionnementen un den Equipementen vum Zuch ze mellen.

Desweideren wäerten an Zukunft, sou wéi dat elo schonn de Fall ass, eng ganz Rei vun Zich, nirwend dem CFL-Personal, och vu Personal vun enger Sécherheitsfirma begleed ginn.

Am Fall vun engem onkooperativen Verhalen vu engem Client, huet d'CFL-Personal d'Méiglechkeet bei dëser Persoun z'intervenéieren a wann néideg se aus dem Zuch ze weisen. Sollt de Client sech awer dëser Opfuerderung widdersetzen, ass d'Interventioun vun der Police noutwendeg.